

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de FERREIRA Miguel Antonio.

11. DE OLIVEIRA FERREIRA Sandra Carina, née le 23 janvier 1975 à Sao Juliao da Figueira da Foz/Figueira da Foz (Portugal), demeurant à Mertert

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de FERREIRA Sandra Carina.

12. GIANCHANDANI Deepak, né le 23 novembre 1966 à New Delhi (Inde), demeurant à Strassen

13. GOMEZ RAMIREZ Aparicio José, né le 10 septembre 1952 à Caracas (Venezuela), demeurant à Bertrange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de GOMEZ Aparicio José.

14. HOEIJMAKERS Kirsten Petra Joanne, née le 13 août 1981 à Geldrop (Pays-Bas), demeurant à Beringen

15. KHARDANI Mohamed, né le 4 avril 1967 à Chraïtia (Tunisie), demeurant à Eischen

16. KOPEC Bozena Grazyna, née le 19 octobre 1959 à Wrocław (Pologne), demeurant à Colmar-Berg

17. LANÇA RODRIGUES Maria Fernanda, née le 28 juillet 1954 à Sao Domingos/Santiago do Cacem (Portugal), demeurant à Alzingen

18. LIU Shixin, né le 18 février 1970 à Dalian/Liaoning (Chine), demeurant à Luxembourg

19. LOPES TOMÉ Paulo Jorge, né le 7 avril 1972 à Vilar Barroco/Oleiros (Portugal), demeurant à Kleinbettingen

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de TOMÉ Paulo Jorge.

20. MARIOTTI Mike Angelo Louis, né le 27 avril 1974 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Sanem

21. MLECZAK Artur Wojciech, né le 13 avril 1965 à Sulecin (Pologne), demeurant à Junglinster

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de MLETZAK Arthur.

22. MOSAKOWSKA Katarzyna Malgorzata, née le 24 avril 1965 à Torun (Pologne), demeurant à Junglinster

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de MOSAKOWSKA Katharina.

23. MOINY Marcel Constant Ghislain, né le 21 août 1937 à Lasauvage, demeurant à Wincrange

24. GOUSENBOURGER Marie-Thérèse, née le 25 mars 1939 à Sampont (Belgique), demeurant à Wincrange

25. MOTAMEDI AZARI Faramarz, né le 6 décembre 1943 à Téhéran (Iran), demeurant à Mamer

26. OMIDVAR Parvin, née le 3 février 1951 à Téhéran (Iran), demeurant à Mamer

27. MÜLLER Nikolaus Matthias, né le 18 avril 1946 à Wallendorf (Allemagne), demeurant à Reisdorf

28. PIRSCH Denise Raymonde, née le 22 février 1971 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Esch-sur-Alzette

29. POLANCO CASTRO Marina de Jesus, née le 27 décembre 1954 à Montecristi (République Dominicaine), demeurant à Luxembourg

30. REDING Gabrielle, née le 2 octobre 1959 à Luxembourg, demeurant à Schwebach

31. RIKIR Micheline Marie Jeanne Henri, née le 10 octobre 1933 à

Chaufontaine (Belgique), demeurant à Surré

32. RIZZUTI Maria Rosa, née le 3 avril 1954 à Verzino (Italie), demeurant à Esch-sur-Alzette

33. RUAS DE OLIVEIRA Christina Adelaide, née le 7 mars 1972 à Saint-Cloud (France), demeurant à Rumelange

34. SEQUEIRA VIEIRA Helder José, né le 17 janvier 1968 à Ettelbruck, demeurant à Luxembourg

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de VIEIRA Helder José.

35. SUN Yiyi, née le 25 avril 1981 à Zhejiang (Chine), demeurant à Schifflange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de SUN Déborah.

36. THIRY Johanna Henriette Marie Bénédicte Ghislaine, née le 13 octobre 1964 à Malempré (Belgique), demeurant à Huldange

37. UGHI Nadia, née le 16 janvier 1969 à Pétange, demeurant à Diferdange

38. VERMAAT Piet, né le 18 août 1950 à Haarlem (Pays-Bas), demeurant à Mertzig

39. MIEDEMA Susanna Helena, née le 2 septembre 1951 à Arnhem (Pays-Bas), demeurant à Mertzig

40. WONG Kin Sang, né le 15 novembre 1955 à Hong Kong (Chine), demeurant à Esch-sur-Alzette

41. SO Kam Yin, née le 14 juillet 1957 à Hong Kong (Chine), demeurant à Esch-sur-Alzette

42. ZIADE Bechara, né le 12 février 1958 à Achrafieh/Beyrouth (Liban), demeurant à Mullendorf

43. BARBARA Myriam, née le 26 janvier 1960 à Beyrouth (Liban), demeurant à Mullendorf

Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.33 heures)

Ordre du jour

- 1. Communications
- 2. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget)
Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, François Biltgen, Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens et. Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iredwellech Matdeelung ze maachen?

(Négation)

1. Communication

Ech hunn der Chamber folgend Matdeelung ze maachen:

Madame Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics, a déposé en date du 4 décembre 2002, le

Projet de loi 5063 relatif à l'adaptation budgétaire du projet d'extension du Lycée technique des Arts et Métiers à Luxembourg-Limpertsberg.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi 5000, de Statshaushalt vum Joer 2003.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

2. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een de Budget analyséiert, da brauch een eng ganz Partie Instrumenter,

fir dat kënnen ze maachen, Instrumenter, déi objektiv musse sinn, an Instrumenter, déi eis erlaben d'Fakten an d'Situatioun, déi wirtschaftlech an déi finanziell, vum Land ze analyséieren. Dat heescht also, dass mer net dierfen de Feeler maachen, weder a gudde nach a schlechten Zäiten, d'Saach anescht ze kucken, d'Bedeutung vun Instrumenter anescht ze bewäerten, an doduerch zu anere Konklusiounen ze kommen. Et muss een objektiv an zillorientéiert Analyse maachen, fir kënnen zu engem fiable Bild vun der reeller finanzieller Situatioun vum Stat ze kommen. Dëst Joer war deen Exercice apart schwierig, schwierig fir d'Regierung, wéi se de Budget opgestallt huet, an awer och schwierig fir d'Finanzkommissioun, wéi se de Budget analyséiere wollt.

Et ass bekannt, dass de Budget am Fréijoer opgestallt gëtt, op Grond vun deenen Donnéeën, déi dee Moment virleien. D'statistesch Donnéeën, déi vum STATEC, awer och vun der Europäescher Kommission oder der OECD geliewert ginn, erginn zesummen eng Foto vun der Situatioun, wéi se dee Moment ass, eng Foto, déi dann extrapoléiert gëtt op dat nächst, an esouguer op déi kommand Joren, fir eben op Grond vun där Foto de Budget opzestellen.

Mir hunn an de leschte Jore gesinn, dass déi Foto ganz oft net richtig war, allerdéngs war déi grouss Chance, déi mir deemools hatten déi, dass déi Foto am Endeffekt méi e schéint d'Bild hier ginn huet, wéi ee sech dat erwaart hat.

Dës Kéier ass d'Situatioun eng aner, well déi Foto, déi mer am Summer gemaach hunn, méi e schéint d'Bild erginn huet, wéi déi, déi mir am Hierscht konnte kréien. Effektiv hu sech déi statistesch Donnéeën verännert. Besonnesch dem STATEC seng Analysen hunn ageschloe wéi eng Bomm, wéi mer aus der parlamentarescher Sommervakanz erëm komm sinn. De Wuesstum vun 2001 ass staark no ënnen revidéiert ginn, a par ricochet ass och de Wuesstum fir dëst Joer, a fir déi nächst Jore par rapport zu deene Provisiounen, déi nach am Summer gegollt hunn, no ënnen revidéiert ginn.

Fir munchere war dat Ganzt eng Iwwerraschung, eng Iwwerraschung, dass et dann op eemol soll méi schlecht goen, wou dach nach eigentlech keen et gemierkt hat.

Déi Fro, déi sech stellt ass, ass déi: Firwat dass keen et gemierkt huet, an ass et wierklech iwwerraschend komm? D'Finanzkommissioun hat d'lescht Joer an hirem Budgetrapport schonn drop higewise gehat, dass et Indicateure géife ginn, déi géinge weisen, dass net alles ganz ronn géif dréien. Mir stellen och haut fest, dass déi Indicateuren net besser gi sinn. Au contraire, déi meescht weisen no ënnen.

Mir gesinn dat am Industriesecteur, wou d'Demande relativ schwaach ass, op alle Fall manner staark ass, wéi de Secteur sech dat erwünscht. Mir gesinn dat och an anere Secteure wéi am Transport oder am Kommunikatiounsberäich, wou d'Demande och relativ schwaach ass. Mir wëssen, dass all déi exportorientéiert Secteure Problemer hunn, sief et an de Produkter, sief et an de Services, wat awer och u sech logesch ass, wann ee gesäit, wéi déi wirtschaftlech Situatioun vun de Länner ronderëm eis ass, déi Länner also, wou mer am meeschten exportéieren, awer och d'Handelspartner vun der Europäescher Unioun a vun der Eurozon, wéi Amerika zum Beispill, wou déi grouss Reprise nach ëmmer op sech waarde léisst, oder Japan,

wat sech nach ëmmer net erhuele kann, an esouguer an enger Rezessioun ass, oder déi asiatesch Länner, wou et vill méi lues dréint, oder Südamerika, wat enorm wirtschaftlech a finanziell Problemer huet, also alles Länner an Handelspartner, déi sech schwéier dinn, a wou d'Demande natierlech och net immens grouss ass.

Doniewent hunn eis grouss Nopere ganz grouss Problemer sech a Conformitéit mat de Stabilitéitskritäre vun der Europäescher Unioun, bezéiungsweis vun der Eurozon, ze setzen. Dat huet esouguer esou wäit gefouert, dass dru geduecht gi war, fir d'Kritäre vum Stabilitéitspakt opzeweichen an nei Weeër ze goen, wat natierlech dem Euro net onbedéngt zegutt komm wier.

D'Kommissioun huet déi Diskussiounen opmierksam verfollegt an ass zur Konklusioun komm, dass een déi Kritären, hiren Meinung no, misst anhalen. Et si Kritären an deenen a sech schonn e groussen Deel Flexibilitéit drastéicht. Et dierf een net vergiessen, dass d'Efforté vun deene genannte Länner, wou och nach Portugal dobäi ze erwähnen ass, net déi allgeréisst waren zu Zäiten, wou et méiglech gewiescht wier d'Kritären ze respektéieren. Dofir sinn d'Kritäre wichteg an et ass och wichteg, dass se agehale ginn. Et muss een awer och festhalen, dass et kee Sënn mécht, fir déi Länner do weider an engem Ralentissement dran ze loossen, bezéiungsweis se weider doran erofzedrécken, andeems een d'Demande ofwierge geet, an andeems een domat hiren Export an och indirekt hiren Import selbstverständlech ofwierge geet. Dofir ass d'Kommissioun der Meinung, dass een op der Zäitschinn eppes ka maachen, dass een do eng Lockerung ka maachen, d'Zäitschinn, déi net am Stabilitéitspakt festgehalten ass an esou de Länner engersäits Loft gëtt, fir sech de Kritären ze conforméieren an anerersäits fir sech weiderhin drop ze preparéieren, déi Kritären an absehbarer Zäit och à la lettre ze erfüllen.

Mir gesinn also, dass an Europa, a besonnesch an deene wirtschaftskräftege Länner, den Zuchpäerd vun Europa, dat heescht déi, déi 75% vum

gesamteuropäesche Maart ausmaachen, sech do vill Problemer gestallt hunn.

Déi ganz europäesch Wirtschaft, ass wéi gesot am Ofschwong a kuum dëst d'Joer ni richtig op Touren, ofgesinn vun e puer weinege klénge Länner.

Mir gesinn also, dass de Problem, dee mer zu Lëtzebuerg hunn, nämlech de Ralentissement vum Wirtschaftswuesstum, keen hausgemaachte Problem ass, mä dass et en importéierten ass. Et ass also net esou, an dat ass eng wichteg Konklusioun, déi mer festhalen müssen, dass déi national Ekonomie strukturell Problemer hätt, déi géinge bedéngen, dass eis Wirtschaft am internationale Kontext net kompetitiv wär, mä et ass éischter esou, dass déi international Konjunktur zu Lëtzebuerg strukturell Problemer ausgeléist huet.

Wann déi international Konjunktur erofgeet, bedeit dat, dass an enger klenger, oppener Ekonomie, wéi déi lëtzebuergesch, déi voll exportorientéiert ass, natierlech d'Produktioun, sief et d'Produktioun vun Déngschtleeschungen, déi vu Biensën oder déi vu Wueren, net kann eropgoen, wann op där anerer Säit an de Länner ronderëm eis d'Wueren an d'Servicer net kënnen importéiert ginn.

Ech hu gesot, wann d'Konjunktur Problemer huet, da géng dat strukturell Reaktioun bedéngen. Dat ass richtig. Mir gesinn, an dat hunn ech versicht am Rapport ze weisen, dass de Chômagetaux eropgeet, wann d'Beschäftegung, wann den Emploi sech méi lues entwéckelt, wat op ee méi luese Wirtschaftswuesstum hiweist.

Mir gesinn, dass d'Secteuren, virun allem de Finanzsektor, an déi, déi direkt unhängelech sinn, ufänken ze reagéieren, andeems dass versicht gëtt d'Exploitatioune këschtchen ze drécken. Mir gesinn, dass d'Luxusaussgaben, wann een dat a sech esou kann nennen, erofginn. Et si vill Entrepreneuren, déi zum Beispill domadder reagéieren, dass manner Fluchkëschtchen ufalen, dass d'Büroskëschtchen erofgesat ginn, dass manner Publizitéit gemaach gëtt, an, an, an.

Déi Fro, déi eis awer am meeschten déi lescht Wochen an der Finanzkommissioun an och dobaus-

sen an der öffentlecher Diskussioun beschäftegt huet, ass d'Fro, ob Lëtzebuerg virun enger Rezessioun steet, ob Lëtzebuerg risquéiert an eng Wirtschaftskris ze falen oder net. Déi Fro kann een zu deem Zäitpunkt ganz kloer nëmme mat Nee beäntweren.

Wéi gesot, mir hu weder strukturell Problemer, déi eis et géingen onméiglech maachen. déi kommend Jore weider ze wuessen, nach hu mer schlecht Aussichte fir d'Zukunft. D'Wirtschaftsinstituter, oder vill méi déi analytesch Instituter zu Lëtzebuerg a ronderëm eis si sech eens, dass d'nächst Joer am zweeten Trimester sech erëm soll de Wuesstum accélérieren, accélérieren natierlech op engem aneren Niveau wéi deen, dee mer gewinnt waren. Et ass een Niveau, deen ënner 4% läit, awer ëmmerhin erëm méi e staarke d'Wuesstum. Dat allerdéngs ass dat, d'Rechnung awer och nach ëmmer ouni de Wiert gemaach.

Ech hu virdrun d'Finanzplaz als Sujet opgeworf. D'Finanzplaz, mir hunn et all Joer an der Kommissioun widderholl wéi d'Amen am Gebiet, ass wichteg. Si dréit zu engem wesentlechen Deel zu de Recettë vum Stat bäi. Et hanken onheemlech vill Aktivitéiten drun, an d'Finanzplaz ass e Générateur d'emploi et de recettes fiscales fir de Stat, an dat an engem Ausmooss, wéi keen anere Secteur hei am Land.

Et ass vill op de Monolithisme an op d'Geforen higewise ginn. D'Fro, déi sech elo stellt: Gëtt et eng Zukunft ouni Finanzplaz? Ass eis Wirtschaft diversifizéiert genuch, fir kënnen de Verloscht vun der Finanzplaz opzehiewen? Ech behaupten emol ganz einfach: Dat do ass d'Fro falsch gestallt. Ech sinn éischer dofir, dass mir eng pro-aktiv Politik fir d'Finanzplaz maachen, an dass mer frou solle sinn, dass mir dee Monolithisme hei zu Lëtzebuerg hunn, dass mer frou solle sinn, dass mer eng staark diversifizéiert Finanzplaz hunn, déi senger Zäit agesat ginn ass nom Enn vum Stolmonolithisme. Mir solle frou sinn, dass mer de Wee an den Dëngschlechtssecteur gemaach hunn, dass mer zu Lëtzebuerg eng héich kompetitiv Finanzplaz mat héich kompetitive Leit, déi an deem Secteur schaffen, hunn, an déi de Vergläich mat de Finanzplaze soss deruechter net musse scheien.

Et ass awer nun eemol e Fakt, datt d'Finanzplaz zu Lëtzebuerg, an awer och déi ronderëm, fir nëmmen d'Schwäiz an d'City of London ze nennen, genausou, wann net souguer méi lues dréine wéi déi zu Lëtzebuerg, dat heescht also, mir sinn net manner gutt gi par rapport zu deenen anere Finanzplazen. Bien au contraire, mir hunn et esouguer an deser Zäit nach fäerdig bruecht op engem héijen Niveau eis anezependelen, a mir si bestätegt, dass mir d'Finanzplaz diversifizéiert hunn an den Know-how, dee mat deene Produkter verbonnen ass, verbessert hunn.

Fakt ass, datt vill Parametere vun der Finanzplaz, déi d'CSSF ënner anerem regelméisseg analyséiert, drop hiweisen, datt et manner gutt geet.

D'Bilanzzomm geet erof, d'Revenue vun de Banken ginn och erof, d'Zuel vun de Banke geet erof, d'Aktiva vun den OPC, also vun der Fongenindustrie, geet erof, och d'Personalstruktur ass no ëne revidéiert ginn. Dat sinn alles Facteuren déi weisen, datt sech eppes gedoen huet an datt den Abroch vun de Coursen op de Boursen - an ech erënneren drun, datt de Privatbanking een Drëttel vun de Geschäfte vum Finanzsecteur vun de Banken ausmécht - deemselwechte Finanzsecteur zougesat huet.

Fakt ass also, datt Parameteren do sinn, déi weisen, datt et op der Finanzplaz Lëtzebuerg net méi

esou gutt geet, mä d'Situatioun ass awer net esou schlecht, datt mer de Kapp missten anzéien a fäerten, datt elo op eemol alles d'Baach géif agoen.

Am Géigendeel, et soll ee grad an deser Situatioun mat enger proaktiver Haltung d'Ärem eropstréppen an de Steier mat den Hare paken, no vir kucken a weiderfueren, grad an deser Zäit, fir d'Finanzplaz ze stäerken, fir den Know-how vun eise Leit, déi do beschäftegt sinn, ze verbessern. Ech mengen, d'Luxembourg School of Finance ass ee Beispill, wéi een dat ka maachen.

Et geet awer och drëm, fir déi Lëtzebuenger Finanzplaz géint net akzeptabel Ugrëff vun anere Länner ze verteidegen. Et geet drëm, fir dee Prozess vu Feira, dee geschter um ECOFIN-Conseil zu Bréssel net op een Enn konnt gefouert ginn, esou ze gestalten, wéi et zu Feira ofgemaach gi war, nämlech dem Informationsaustausch zouzestëmmen, ënnert der Bedingung, datt équivalent Mesuren, dat heescht déi selwecht Mesuren op deene Finanzplazen ronderëm eis, applizéiert ginn.

Et soll ee sech awer och elo net falschen Illusiounen hignn, beziehungsweise de Leit dobausse Saache verkafen, déi esou net wouer sinn. Ech mengen, wa mer vun Diversifikatioun schwätzen, elo am konkrete Fall vun der Finanzplaz, dann därer ee sech net erwaarden, datt ee vun haut op muer e Secteur oder eng nei Niche exploitiere kann, déi onheemlech vill Recettë géing an d'Statskeesen ofwerfen, beziehungsweise onheemlech vill Emploi oder wat och ëmmer u Positivem géing schafen, souwisou huet Lëtzebuerg a senger Fongenindustrie dobaussen een Know-how, dee mer kënnen weider exploitiieren; Pensionsfonge sinn eng Méiglechkeet do der-vun.

Dat solle mer och maachen. Mir sollen och vläicht op fir europäesch Verhältnissen manner bekannte Felder zrëckgräifen, wou vläicht elo manner Banken an Assurance beschäftegt si mä Investisseuren insgesamt, nämlech op d'Feld vum Venture-Capital, dat heescht vum Risikokapital, woubäi mer natierlech mussen ee ganzen Environnement schafe vun Esprit d'entreprise, dee mer an der Schoul musse vermëttelen, bis hin zu Strukture wéi Pépinières d'entreprises an esou weider, fir ebe jonken Entrepreneuren, déi muer d'Zukunft sinn, eng Chance hei am Land ze ginn.

D'Finanzplaz, wësse mer - ech hunn dat vidru gesot -, huet een enormen Impact op de Budget. Déi Etüd, déi de Comité pour le développement de la place financière am Joer 2001 entwéckelt huet, weist dat an aller Däitlechkeet. Een Drëttel vun de Fiskalrecettë vum Stat, an dovunner 85%, kommen direkt aus dem Finanzsecteur.

Ee Budget - wéi ech gesot hunn -, deen ënner ganz anere Virzeechen opgestallt ginn ass wéi déi, déi mer elo haut diskutieren. D'Virzeechen hu sech also ganz staark verännert an dat huet selbstverständlech Reperkussiounen op d'Statsrecettë gehat.

Nieft dem Wuesstum hunn awer och d'Inflatioun, an domat och d'Lounentwécklung, grad esou wéi d'Beschäftigung ee gewëssenen Afloss op de Budget.

D'Inflatioun ass vun 3,5% am Joer 2000, iwwer 2,3% am Januar 2002 op d'Enn vum zweeten Trimester op 1,7% zrëckgaangen.

An deem Kontext kann een dann och soen, datt den Euro sech net zum Teuro entwéckelt huet. Dës Behauptung ass vum Statec, awer och vun der Banque Centrale confirméiert ginn.

D'Inflation sous-jacente weist och no ënnen, esou datt déi virun enger Zäit geäussert Angscht vun

engem Auto-allumage opgrond vun deene jeeweilege Steuerreforme sech net als begrënt erweist.

Ganz sécher gëtt et, wat d'Inflatioun ugeet, awer nach Inconnuen, besonnesch wat d'Evolutioun vum Petrolspräis ugeet, dat virum Hannergrond vun enger méiglecher militärescher Interventioun am Irak. Wann awer alles riicht räisst, misst d'Inflatioun sech ënner 2% apendelen. Dat bedeit dann, datt laut dem Statec senge Prévisiounen an der zweeter Hal-schent vum nächste Joer eng Index-tranche géif ufalen.

Bei engem méi luese Wirtschaftswuesstum entwéckelt sech den Aarbechtsmaart forcément och méi lues. Och dat mierke mer an deem Sënn, datt de Wuesstum vum Emploi vu 6,3% ugangs 2001 zrëckgaangen ass op 2,8% am August vun deem Joer. Vun August 2001 bis August 2002 ass d'Zuel vun de geschafenen Aarbechtsplaze vu 14.930, am selwechten Zäitraum wéi virdrun, op ëmmerhin nach 7.875 zrëckgaangen.

Onnéideg z'erwähnen, datt d'Unzuel vun de Frontalieren - wann och mat enger lichter Tendenz fallend - dach awer nach ëmmer zwee Drëttel vun allen nei geschafene Posten ausmécht. Dat bréngt awer och mat sech, datt d'Unzuel vun de Résidenten am ganzen Emploi virun erofgeet, elo op 61,4%, bei engem Gesamtbeschäftigungstaux vun 63,1%, dee bedingt duerch den Accroissement vum Beschäftigungstaux bei de Frae mat 5,7% eropgaangen ass.

Dat bréngt et dann och mat sech, datt de Chômage an d'Luucht geet an elo bei 3,2% ukomm ass, Taux, dee mer fir d'lescht 1997 hatten. Et fält dobäi op, datt d'Zuel vun de jonke Chômeuren eropgeet an dee vun deenen iwwer 50 Joer erofgeet, an d'Zuel vun de Chômeure mat mëttlerer an héijer Ausbildung zouhëlt.

An engem Kontext, wou de Chômage ufänt eropzegoen, gewannen dann och déi Aarbechts- a Formationsmesuren als politesch Instrument u Wichtigkeet, virun allem fir déi an deenen hir Familljen, déi et trëfft. Déi hunn am Joer 2001 ëm 13,7% zougeholl, an déi éischt fënnf Méint vun deem Joer esouguer ëm 19,7%. An deem Ausmooss, wou ëmmer méi Leit vun dese Mesure profitieren, waicht de Chômagetax am wäiteste Sënn vum Wuert ëmmer méi wäit dann och vum offiziellen Taux of.

Et kann een duerfir festhalen, datt, wann de Wirtschaftswuesstum méi lues erop geet an doduerch och de Beschäftigungstaux méi lues erop geet, dann de Chômage och méi séier erop geet. An deem Ausmooss, wou mer d'Joer ee Wuesstum vun 0,5% hunn, an der-vun ausgoend, datt am Finanzsecteur wäert versicht gi bei de Personalkäschten anezespueen, risquéiert de Chômage-Taux onofhängeg vum Formationsniveau eropzegoen. Datt dee méi luese Wuesstum och seng Konsequenzen op de Budget huet, läit op der Hand.

Erlaabt mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, elo méi prezis op de Budget selwer anzegoen, dat nodeem mer een Tour duerch d'Wirtschaftsdate gemaach hunn.

Op der Recettësäit vum Budget sinn déi éischt Virleefer schonns do a Form vun engem Réckgank virun allem vun deene Steieren, déi direkt ofhängeg si vum Finanzsecteur, notament d'Taxe d'abonnement an den Droit d'enregistrement, déi d'Joer allebéit ëm 90 Milliounen Euro par rapport zum Budget voté erof ginn

an d'nächst Joer ëm all Kéier 40 Milliounen Euro erof gi par rapport zu deem, wat am Projet de budget initial stoung.

Awer och d'Lounsteier geet zrëck, bedingt doduerch datt den Emploi méi lues wüsst, kombinéiert awer och mam Effet vun de Steuerreduktiounen bei de physische Persounen. Déi geet d'Joer am selwechte Rapport ëm 55 Milliounen Euro zrëck a fir d'nächst Joer sinn 100 Milliounen Euro minus virgesi par rapport zum initiale Budgets-projet.

D'TVA huet och ee kleng Knax erlieft: Déi geet nämlech d'Joer ëm 20 Milliounen Euro an d'nächst Joer ëm 40 Milliounen Euro zrëck. Wéi grouss wier awer dee Knax gewiescht, wier et net zu deene virgenannte Steuerreduktiounen koom, mat deenen d'Consommation vun de Stéit jo awer heich gehale konnt ginn?

Den Niveau vun de Recettë vun der Kollektivitéitssteuer konnt par contre héich gehale ginn. Dat allerdings huet éischer mat Maquillage ze dinn, deen dorop zrëckzeféieren ass, datt d'Steieren aus de leschte Joren, virun allem deene gudde Joren nach net all era sinn. En effet besteet hei een Décalage vun ongeféier dräi bis véier Joer; dat heescht, et ass nach Geld do aus de „gudde Joren“ wat nach net encaisséiert ginn ass. Eent ass sécher: Et ass gutt, datt mir déi Euroen - et sinn och nach vläicht Frangen derbäi - nach an de Strémp hunn. Wéi vill datt et der sinn, weess ech net, a wéini déi Strémp eidel sinn, entzitt sech och menger Kenntnis.

Laut mëndlechen Aussoen vum CSSF sollen et nach 2 Milliarden Euro sinn, déi bei de Banke provisionnéiert sinn. Zu wat fir engem Zäitpunkt dat esou war a wou mer elo Enn 2002 sinn, a wéi vill der nach Enn 2003 bleiwen, hunn ech och net als Rapporteur erausfonnt. Do ass et mer net besser gaang, wéi menge Virgänger. D'Cour des Comptes huet sech iwwerregens an hirem Avis méi laang mat deem Sujet beschäftegt.

Ech hunn am Laf vu mengen Aarbechte festgestallt, datt d'Steierverwaltungen - dat hiren eegenen Aussoen no - net outilléiert sinn, fir detailléiert Analysen a Rechementer fir d'Zukunft opstellen.

Ech sinn der Meenung, an do stinn ech, mengen ech, net eleng do, datt en effikasse Stat sech muss mat deene beschränkt statisteschen Instrumenter ausrüsten, fir optimal an effikass Prévisiounen ze maachen. Dofir wëll ech virschloen, der Steierverwaltung déi néideg Moyaenen heifir ze ginn. Dat géif eis, mengen ech, awer och erlabe méi Transparenz an d'Budgetspolitik, besonnesch op der Recettësäit ze bréngen.

Datselwecht gëllt fir d'Gewerbesteier. Do hätt déi Ukënnegung, des Steuer géif 2004 ëm 40% erfrogen, dach e bësse méi Explikatioun verdéngt gehat. Déi Explikatioun kréie mer elo mar de Moien an der Intérieurskommission vum Innenminister.

Wat d'Gewerbsteier elo ugeet, kann de Stat sech senger Verpflichtung vis-à-vis vun de Gemengen allerdéngs net entzéien a muss de Gemengen esou vill zoukomme loossen, datt si hir Engagementer kënnen respektieren. D'Regierung huet sech jo an enger Motioun engagéiert, datt wann d'Gewerbsteier ënnert den Niveau vun 2001 géif falen a seng Steiere géifen eropgoen, datt dann deen Niveau net kéint ënnerschratt ginn, mä géif gehale ginn. Doriwwer eraus, mengen ech, gëllt fir d'Gemengen datselwecht, wat fir de Stat gëllt, nämlech datt si sech an Zukunft der Decken no strecke mussen. Fir responsabel Gemeengeféierung gëllt dann och, datt d'Gemengen e Spillraum bei de Reserven, awer och bei der Schold hunn, fir déi méi moer Zäiten ze iwwerbrécken.

Op där anerer Säit musse se selbstverständlech dann och fir zukünfteg Investitiounen Prioritéite setzen.

Bis dohinner kënnen mer awer emol nach op den Apel fir den Duuscht zrëckgräifen. Een Deel dovun gëtt scho vläicht d'Joer fälleg, och wann d'Situatioun net esou ellen ausgesäit, wéi muncher dat wëlle gesinn. Alles in allem feelen op der Recettësäit ëm déi 115 Milliounen Euro, wann ee vun enger Méirecette vun 100 Milliounen Euro bei den Accisen ausgeet, déi géife vun der kumuléierter Budgetsreserv ofgoen, déi bei ongeféier engen 330 Milliounen elo nach läit. Dat war dann zënter laangem deen éischte Kont, deen ouni Plus-valuen ofschléisst, nodeem d'Kont vum 2001 nach mat Plus-valuen an Héicht vun 262 Milliounen konnten ofschléissen, woubäi 150 Milliounen an d'Fong gaange sinn an 112 Milliounen geholl gi sinn, fir déi supplementar Dépenses ze decken. Onnëtz ze soen, datt ouni Plus-values de recettes de Kont sech net am Equiliber hätt kéinten halen, an datt deen neie méi luese Wirtschaftswuesstum awer nach keen Nidderschlag am Kont 2001 fonnt hat.

Déi u sech nei Situatioun ass awer keng Katastroph. Fir eis awer vill méi eng ongewinnte Situatioun. Duerfir huet d'Regierung gutt gedoen, fir déi fälleg Adaptatiounen vum nächste Joer elo schonns ze presentieren, virun allem bei deene Recetten, déi och d'Joer scho réckleefeg sinn, an d'Dotatiounen vu verschiddene Fongen ze adaptieren, wat der Kaz fir d'nächst Joer awer ganz sécher kee Bockel mécht.

Déi öffentlech Investitiounsfongen hunn nämlech nach Reserve fir e puer Joer, schonn eleng duerch d'Tatsaach, datt Projeten net esou séier kënnen ëmgaset ginn, trotz dem gudde Wëlle vun der Regierung d'Dépenses héich ze halen. Dat mécht sech an de Konte bemierkbar. Esou konnte mer zum Beispill am Joer 2001 60% vun alle virgesinnen Dépenses net realisieren. Dobäi stellt ee fest, kuckt een déi Konten an de vergaangene Joren no, datt wann de Prozentsaz vun de Prévisiounen fir d'Dépenses erop geet, de Prozentsaz fir déi net exekutéiert Dépenses och erop geet. Dat ass net nei, an dat schéngt drop schléissen, ze loossen, datt engersäits d'Bauverwaltung, anerersäits awer och d'Baubranche vun der Planung iwwert d'Exekutioun bis zum Décompte dach awer Kapazitéiten erreecht huet, déi nach schwéier ze dépassieren sinn.

Dat ass op där enger Säit gutt esou, well et soss géif riskieren zu enger Iwwerhëtzung ze kommen - wat ee Problem ass, deen am Avis vun der Chambre des Métiers ugesprach ginn ass -, op där anerer Säit awer net gutt ass fir déi, déi op d'Gebaier waarden, déi blutnéideg sinn, an awer erëm gutt fir d'Fongen, déi an desen Zäite manner héich dotéiert musse ginn.

Fir all des Investitiounen ze maachen, hu mer awer nach eng aner Mouk, an dat ass e 24-Fong, nämlech dee vun der intakter Scholdekapazität. Enn 2001 hate mer nach eng Schold vun ongeféier 700 Milliounen Euro. Am Fong vun der Schold waren du 415 Milliounen Euro, dat heescht déi Schold war dunn zu 60% provisionnéiert. Géife mer dee Fong an deem Rhythmus viru speisen, dann hätte mer Enn 2007 keng Schold méi. Dat wëllt soen, datt wann et bei den Investitiounen an den nächste Jore méi knapp géif ginn, een, mengen ech, dach awer mat rouegem Gewëssen deen een oder aneren neien Emprunt kéint maachen.

Nieft de Fongen, déi manner dotéiert goufen, sinn awer nach aner Dépenses adaptéiert ginn, déi un dem Wuesstumstaux unhänglich sinn, dat heescht: Coti-

satiounen, Fonds communal de dotation financière, Kooperatioun, Recherche. Fir déi zwee lescht bedeit dat awer nach ëmmer eng Progressioun.

A mengem Rapport hunn ech op der Dépensésäit d'Fro vum „Zero base budgeting“ opgeworf. Bei dësem System geet et drëm all puer Joer en Deel vun de Kreditter genau ënnert d'Lupp ze huelen a se am Bléckfeld vun enger Käschtennotzenanalys ze ënnersichen. Net onbedéngt fir Kreditter erofzesetzen, mä éischter fir ze kucken, ob de Notzen nach am Verhältnis zu de Käschten ass. Ech wëll hei net falsch verstane ginn. Hei soll net d'Sozialpolitik a Fro gestallt ginn. Mir sollen elo keng onnéideg Debatt iwwer sozial Acquisen - egal vu wat fir enger Kategorie - hei féieren. Dat wär net nëmmen onnéideg, mä dat wär dee falsche Message. Et geet bien au contraire drëm, eis et ze erlaben dem Bierger seng Steiergelder nach méi effizient ze notzen. Ech weess net, ob dat eis virun hëllef, mä ech kéint mer awer virstellen, datt een e Pilotprojet emol kéint probéieren.

Egal wéi, solle mer de Frang an Zukunft zweemol ëmdréinen, ier mer en ausginn, zemools wann et drëm geet, dem Stat nei zousätzlech Missiounen opzëerleën. Et bleift also, datt mer fir déi nächst Joren net méi mat Plus-valué kënne rechnen. Bis eis Mouk opgeschafft ass, wäerten, virun allem opgrond vun enger op Wuessum ausgerichter Steuerpolitik an enger kompetitiver Economie, déi mar sécher erëm méi staark wäert wuessen, och dem Stat déi néideg Recetten erëm an d'Keess kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen awer net, datt et zu dësem Moment duergeet, d'Analys vun der Situatioun nëmmen ze maachen a feststellen, datt et méi lues geet an dann ze lamentéieren. Ech mengen, déi nei Situatioun, déi mer net gewinnt sinn an déi eis éischter erëm op de Buedem vun den Tatsaachen zrëckgeholl huet, soll fir eis eng Erausforderung sinn, fir d'Zukunft virzubereeden, d'Aerm eropzestréppen a gestärkt aus dëser Situatioun erauszegoen an déi Chancen, déi eis gi sinn, mam Schlawittchen ze huelen a mat deenen d'Zukunft ze preparéieren.

Dozou gehéiert ganz sécher virunzefueren eis Wirtschaft ze entwéckelen, se ze diversifizéieren a se kompetitiv ze gestalten. Ech mengen, mir solle vun der aktueller Situatioun profitéieren an eis an eise Matbierger an Erënnerung ruffen, datt et ouni wirtschaftlech Entwécklung net geet. Déi kann awer net egal wéi sinn. Duerfir kann net egal wat fir e Betrib hei op Lëtzebuerg kommen. Et kann awer och net bei ville Leit mat der Nimbysmentalitéit virугоen, wéi dat dës Moment amgaangen ass. Ech mengen, mir sollen déi zukünfteg Wirtschaftspolitik duerch de Brëll vun der Nohaltegkeet kucken an eis Prinzipië vun der Nohaltegkeet, déi jo heeschen: Wirtschaft, Soziales an Ëmwelt eis uneegnen a se just elo an dësem Moment, an dësen Zäiten, net afferen an iwwer Bord geheien.

Dofir, mengen ech, mussen mer an deem Geescht virufueren eis Wirtschaft ze entwéckelen an ze diversifizéieren. Dat alles geschitt an engem neien europäesche Kader, dee méi grouss ass. Ech erënnere drun, datt deemnächst den europäesche Bannemaart ëm 75 Milliounen Awunner méi grouss gëtt, Awunner, déi en nationale Räichtum hunn, deen duerch d'Bank zwar 60% ënnert deem vun der Moyenne vun der Unioun läit. Dat ass net schlëmm, well dës Länner wäerte sech ganz séier an e Prozess eraginn, fir dee Retard opzeshuelen. Doduerch di sech awer och fir Lëtzebuerg nei Chancen an Opportunitéiten op, an net,

wéi eis vu munch engem gleewe gedoe gëtt, nëmme Geforen.

Fir eis ass et eng Erausforderung an eng Chance, eis Chance ze sichen, fir datt déi Economie sech entwéckelen. An deem Sënn ass et dann ze begreifen, datt viru kuerzem an der tschechescher Republik eng Ambassade vun eis opgaangen ass, datt am Laf vum nächste Joer eng zu Warschau kann opgoen, an datt nach beabsichtigt ass eng an Ungarn opzemaachen. Fir sech gutt an der Welt ze behapten, muss een e gudden Image hunn. Lëtzebuerg ka sech ganz sécher net duerch seng Gréisst dobausse verkafen, dofir mussen mer versichen op d'mannst e kohärenten Image vun eis dobaussen ofzeginn.

Leider si mer allzeoft nëmmen duerch eis Bankeplaz bekannt. Ech mengen, mir mussen scho méi an Evidenz setzen, datt dat net dat Eenzege ass an deem Lëtzebuerg sech bemierkbar mécht, mä datt et aner Volet gëtt, déi mir ganz intensiv fleegen. Ech mengen domadder zum Beispill de Volet vun der Kooperatioun. Lëtzebuerg ass eent vun deene wéinege Länner, dat seng Engagementer vu Rio, fir 0,7% vu sengem Bruttoinlandsprodukt der Kooperatioun zoukomme ze loossen, erreicht huet. Dat kann eis ganz sécher Unerkennung, Crédibilitéit, Visibilitéit an e positiven Image bei deenen anere Länner bréngen, awer och bei den internationalen Organisatiounen. An deem Sënn ass den Ausseministère amgaang un engem Projet ze schaffen, fir den Image de marque vu Lëtzebuerg an der Welt dobaussen ze verbessern a méi kohärent ze gestalten.

Wa mer da vu wirtschaftlecher Diversifikatioun schwätzen, da gëllt et awer emol vu vir eran d'Situatioun vun deene Betriber, déi hei sinn, ze festegen. An deem Sënn kann een dem Wirtschaftsminister nëmme félicitéieren, datt hie seng éischt Prospektiounsreesen an d'Richtung gemaach huet, fir e gudder Kontakt mat de Mammenhaier ze fleegen vun deene Betriber, déi haut hei zu Lëtzebuerg etabliert sinn. Do dernieft ass och Prospektioun gemaach ginn, fir nei Investisseuren ze fannen. Déi Resultater vum aktuelle Wirtschaftsminister loosse sech weisen.

Ech mengen, d'Diversifikatioun ass hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer an der Kontinuitéit gemaach ginn. Kuckt een déi lescht zéng Joren no, da fënnt een dat eraus. Do si ganz grouss Variatiounen vu Joer zu Joer dran. Déi hunn allerdéngs manner mam Asaz vum Minister ze dinn a mat der Zuel vun de Betriber, mä éischter mat der Gréisst vun deem engen oder deem anere Betrib, dee sech hei zu Lëtzebuerg niddergelooss huet. Déi lescht Jore waren dat zesummen 28 Betriber mat engem Gesamtinvest vun 200 Milliounen Euro an alles an allem 700 Aarbechtsplazen, déi geschafe gi sinn. Et ass voll an deem Sënn, datt mer solle Betriber hei op Lëtzebuerg huelen, déi eng grouss Valeur ajoutée hunn, déi awer do dernieft eng Main-d'oeuvre hunn, déi net esou zahlräich muss sinn, duerfir awer méi spezialiséiert ass.

Fir dass iwwerhaupt déi bestoend Betriber hei bleiwen, a fir datt neier heihi kommen, muss d'wirtschaftlecht Ëmfeld klappen. Dat heescht, mir müssen niewent anere Kaderbedingunge gutt Steierkonditiounen hunn. An do mengen ech, kënne mer et kuerzfristig net nach besser maachen, ouni awer aus den An ze verléieren, datt et punktuell Verbesserungeng ganz sécher kënne ginn.

Ech mengen d'Hëllef, déi de Stat gëtt, notze mer voll aus iwwert d'Wirtschaftsförderung. Am Kader vun deem, wat d'Europäesch Kommissioun erlaabt, versiche mer dann nei Weeër ze goen an deem Sënn, datt Infrastrukture ge-

schafe ginn, déi als Pépinières d'entreprises, respektiv als Bâtiments relais gëllen a bestoenden Infrastrukturen, déi do sinn awer an nei ze schafend Halen. Hei gëtt et jo eng Partie flott Beispiller uechter d'ganzt Land.

(Coups de cloche de la Présidence)

Zu der Infrastruktur an zum steierlechen Ëmfeld gehéiert awer och e legislative Kader, deen eng Virreiderroll huet. Dozou gehéiert selbstverständlech en Energiepräis, dee kompetitiv ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun hunn ech am Rapport e puer Pisten opgezeechent, wou ee sech virstelle kann, dës Nischen eventuell auszenotzen, respektiv auszebauen. Esou denken ech zum Beispill un d'Soins de santé an un d'Biotechnologien, wou ech dozou opfuere, fir op d'mannst emol eng Diskussioun ze féieren, ob et net méiglech ass, fir déi Geleeënheeten, déi sech engem kënne bidden, opzegreifen.

Mir hu jo nach all a gudder Erënnerung, wéi eng Opreegung et 1998 gouf, wéi d'Cour de Justice an hiren zwee Arrêten Decker a Kohl d'Grenze fir d'Soins de santé opgemaach huet. D'Opreegung war deemools grouss an d'Länner waren hin an hier gerass zwéischent engem Reflex, fir hire System vun der Sécurité sociale ze protégéieren oder fir den Défi unzuelen, fir e kompetitive medezinesche Secteur opzebauen an ze offréieren, deen net nëmmen de Besoinen an den Erwaardungen vun der nationaler Bevölkerung géng entsprechen, mä deen ebenfalls géng auslännesch Patienten unzéien.

Haut huet sech dës Opreegung geluegt. D'Auswierkungen vun den Arrêten Decker a Kohl, virun allem op de finanziellen Equilibre vun de Krankekeesen, si kaum bis guer net bemierkbar. D'Cour de Justice selwer huet a weideren Arrêten d'Dier, déi se opgestouss hat, fir méi eng grouss Zirkulatioun vun de Patienten an eng méi prononcéiert Konkurrenzsituatioun tëschent de Prestataires de santé an Europa, erëm e Stéck méi zugestouss. Trotzdeem wier et falsch, fir ze maachen, wéi wann näischt geschitt wier an de Kellech un eis laanscht gaange wier, well d'Cour selwer huet sech ëmmer erëm an hire Konklusiounen eng Hannerdierchen opgelooss. Virun allem déi Diskussioun wollt ech elo lancéieren: Firwat soll Lëtzebuerg net aus der Occasioun dee Profit erauszéien, dee méiglech ass, wann d'Bedingunge stëmmen?

D'Viraussetzung fir e qualitativ héichwäertege Secteur de santé besti mam Spidolsgesetz vum 28. August 1998, mam Spidolspang vum 18. Abrëll 2001 a mam Finanzierungs-gesetz vum 21. Juni 1999, wat deemnächst amendéiert gëtt, fir déi Nobesserungen am Spidolswiesen um infrastrukturelle Plang kënne nozehuelen, déi 1999 aus verschiddene Grënn net virgeholl goufen.

D'Carte sanitaire, déi regelméisseg e Bild zeechent vun der Offer am Secteur médical, an eng Evaluatioun qualitative vun den offréierte medezinesche Services droen ebenfalls zu enger daitlech verbesserter Qualitéit bei. Dozou zielen och d'Formation an d'Formation continue vum medezinesche Personal, eng weider Prioritéit vun dëser Regierung. Enk verbonne mat dësem Sujet ass den Domän vun de Biotechnologien. Och hei ass et denkbar, datt Lëtzebuerg sech eng Nisch ariicht, wou et effektiv esou munch Opportunitéit gëtt, déi een ausnotze kann.

Firwat net emol iwwert den Ausbau vun der Fuerschung an der Recherche am Beräich vun der Santé nodenken? Kéint déi zukünfteg Universitéit net d'Rumm bidden, fir eng Structure de recherche et de développement opzebauen, déi eng Symbios géng siche mat den Entreprises a mat dem Santésecteur? Wieren esou eng Struktur an esou eng Symbios net e Virdeel fir d'Patienten, fir d'Medezin a fir d'Exploitatioun vun enger weiderer oder neier Nisch zu Lëtzebuerg?

Ech mengen, dës Iwwerleeungen solle mer eis am Kader vun de Reflexiounen stellen iwwert d'Mise en place vun enger Universitéit hei zu Lëtzebuerg, mä virun allem solle mer d'Konzept vun enger Uni hei zu Lëtzebuerg an de Kontext vun enger enker Kollaboratioun zwéischent der Recherche an den Entreprises setzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en neie Créneau kéint och dee vun den erneierbaren Energie ginn. Lëtzebuerg huet sech jo am Kader vum Kyoto-Protokoll engagiert seng CO₂-Emissiounen ëm 28% erofzesetzen. Dëst kann een elo als Belaaschtung ugesinn, mä et kann een et och als Erausforderung, als eng Chance fir eist Land gesinn. De Kyoto-Protokoll gesäit eng Partie Méiglechkeete vir, fir d'CO₂-Emissiounen ze senken. Eng dovunner - an dat ass déi éischt an déi wichtegst - ass, seng Hausaufgaben emol doheem ze maachen. An deem Kontext muss een awer, mengen ech, drun erënneren, dass d'Lëtzebuerger Industrie considéabel Efforte gemaach huet, wat d'Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen ugeet. Et weist sech awer och, dass an de Secteure vum Transport a vun de Stéit d'Emissiounen eropgaange sinn.

An deem Sënn si mer gefuerdert op dësen Niveaue aktiv ze ginn. Op der enger Säit komme mer ganz gutt viru mat de Preparativen, fir den öffentliche Transport ze verbessern. Op där anerer Säit sti mer reglementaresch gutt do, wat d'Förderung vun den erneierbaren Energien an eng rationell Notzung vun den Energien ugeet. Hei bleift awer nach ganz vill ze maachen, virun allem wat d'Stéit ugeet, wou nach ganz vill Energie agespuert gi kann. Et ass just am Energiespueren, wou nach fir eis de gréisste Potenzial hei zu Lëtzebuerg läit. An deem Sënn géif ech en Appel un d'Regierung maachen, d'Afféierung vun engem Energiepass ze beschleunegen, an dëst am Kader vum Carnet de l'habitat.

Dat eleng wäert awer net duergoen, zemools wann ee sech bewosst muss sinn, datt engem um Niveau vum Tanktourismus d'Hänn awer zum Deel gebonne sinn. Duerfir ass et gutt, dass de Kyoto-Protokoll eis d'Méiglechkeet gëtt mat flexible Mechanismen ze schaffen. Am Budgetsrapport hunn ech mech mat zwou Zorten ausernee gesat: dem Mechanismus vum Joint-Implementation an deem vum Clean development mechanism, oder och CDMe genannt.

Ech sinn der Meinung, datt mir eis dës Méiglechkeeten net verschléisse sollen. Si erlaben dem Stat esou gutt wéi den Entreprises, hiren Obligatiounen, wat d'Reduktioun vun de CO₂-Emissiounen ugeet, besser nozekommen an dëst zu engem bessere Präis. Si erméiglechen nämlech a Länner ze investéieren an d'CO₂-Emissiounen ze reduzéieren, wou den Invest net esou héich wéi bei eis ass, fir awer prozentual méi Resultater ze errechen.

Et ass selbstverständlech, dass dës Projeten, déi an anere Länner gemaach ginn, sech am Kader vun der nohalteger Entwécklung vun dëse Länner müssen ofspillen. Et ass och kloer, dass d'CDMen, dat heescht déi Investitiounen, déi mer an Entwécklungs-

länner géife maachen, nëmmen additionell zur Entwécklungshëllef kënne sinn an a kengem Fall dozou gerechent kënne ginn. Op där anerer Säit géif dat fir d'Lëtzebuerger Economie en neit Potenzial bedeuten. An deem Sënn géif et Entwécklungsméiglechkeete fir d'Economie ginn, well wann nei Opportunitéiten opginn, kënnen nei Entreprises, déi an dësem neie Secteur tätég sinn, sech zu Lëtzebuerg etabléieren. Si stellen awer och nei Opportunitéiten duer, fir bestoend Entreprises nei Mäert ze sichen. Et erlaabt eis och eng méi offensiv Haltung fir dës Créneau ze entwéckelen, nei Entreprises zu Lëtzebuerg unzesiedelen, an dëst souwuel an der Produktioun, wéi am Assemblage oder och an der Vermaartung vun dësen erneierbaren Energien.

De Volet CDM, deen et eis jo erlaabt an Entwécklungs-länner an erneierbar Energien ze investéieren, géif eis et och erméiglechen, eng nohaltege Entwécklung an dëse Länner ze ënnerstëtzen. Dëst am Sënn vum Johannesburg Summit, wou jo festgehalen ginn ass bis 2012 der Halschent vun de Populatiounen aus den Entwécklungs-länner den Zougang zur Energie ze erméiglechen, virun allem awer opgrond vun erneierbaren Energien.

Mir si gutt équipéiert, fir dës Fuenderung unzegoen. Mir hunn eng Agence, d'Lux-Development, déi sech ëm d'Entwécklungshëllef bekëmmert. Dës nämlech Agence, mengen ech, kéint och d'Promotioun vun dësen CDMen maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet awer net duer, sech Gedanken iwwer nei Recetten ze maachen, wann een op där anerer Säit sech net och Gedanke mécht iwwert d'Ausgaben, déi ënner anere opgrond vun deenen héijen Investitiounen an Zukunft als Nofolgekäschten am Budget hiren Nidderschlag wäerte fannen. Et ass de Wëlle vun der Regierung, der Entwécklung vun den öffentlichen Infrastrukturen eng éischt Prioritéit ze accordéieren. Et ass och dat, wat een am initiale Budget 2003 konnt liesen, wou vun enger Progressioun vun iwwer 26% vun de budgetäre Moyene par rapport zum Budget vun 2002 Rieds geet. Domat geet de Prozentsaz vun den Investitionsausgaben par rapport zum Bruttoinlandsprodukt vun 2,1 op 3,6% erop, an no deem Ausmooss wéi de PIB zrëckgaangen ass, geet de Ratio nach méi erop. Domat huet Lëtzebuerg den héchsten Investitionsniveau iwwerhaupt a ganz Europa.

Loosse mer awer eent ganz kloer ënnersträichen: Dat ass fir Lëtzebuerg kee Luxus, mä eng absolut Noutwendegkeet! Et ass och dat, wat aus den Tableaue vun deene verschiddenen Investitionsfondeng erausgeet, déi dëst Joer fir d'éischt am Budget erëmfanne sinn. Erënnere mer drun, dass dat, wat mir fir déi nächst Joren nëmme fir déi reng öffentliche Investitionsfonge brauchen, sech op ongeféier 4,5 Milliarden Euro chiffriert, ouni dat aus den An ze verléieren, wat iwwert d'Loi de garantie financéiert gëtt an dat, wat iwwert déi verschidden Etablissements publics derbäi kënn. Wa mir all déi Investitiounen bezuelt hunn, déi mer haut tätegen an an der Vergaangenheet scho getäget hunn, da soll awer net d'Meenung opkommen, dass wa mer déi beglach hunn, et dann eriwuer ass. Bien au contraire, d'Nofolgekäschte wäerte considéabel a permanent sinn, an den ordinaire Budget an de Budget dépenses en capital an engem ganz groussen Ausmooss chargéieren, net zulescht opgrond vum de Personal-, Fonctionnements- an Exploitatiounskäschten, mä op där anerer Säit awer och bedéngt duerch den Entretien, deen déi Gebaier mat sech bréngen. An deem Sënn hunn ech e bëssen déi Nofol-

gekäschte versicht ze analyséieren, konnt mech awer do nëmmen op d'Entretienskäschte beschränken. Ech iwwerloossen engem vu menge Successeurs d'Konsequenze vun de Personal-, den Exploitation- oder de Fonctionnementskäschten ze ënnersichen, nodeem mäi Virgänger d'Investitionsfonge schonn am Detail ënnersicht hat, esou datt ech dat jo dann dëst Joer net méi an deem Ausmooss brauch ze maachen.

Fir ze wësse vu wat datt mer awer schwätzen, wa mer vun Nofolgekäschte beim Entretien schwätzen, muss een de Patrimoine immobilier vum Stat kennen. Ech muss direkt soen, datt de Patrimoine immobilier vum Stat de Patrimoine vun eis all ass, an esou wéi mir eis Haiser doheem, jidder Eenzelne vun eis, an der Rei halen, solle mer och eis gemeinsam Immobilien an engem gudden Zoustand halen.

Wat ass dann elo eisen nationale Patrimoine? Op Grond vun deene Gespréicher, déi ech mat de Bâtiments publics hat, hunn ech eng Partie Donnéeë kritt, fir dat ze ënnersichen. Dobäi ass mer gesot ginn, de Wäert vun den Immobilien, déi de Stat am Moment hätt, géif sech ongeféier op een Nei-wäert vun 27 Milliarden Euro Enn 2000 chiffrieren. Dee Wäert deelt sech op op 47% administrativ Gebaier, 42% Schoulgebaier an 11% Gebaier, déi am sanitären oder soziale Beräich leien.

Geet een dann emol hin a kuckt een, wat de Stat am Joer 2001 an iwwert déi nächst Jore wëllt investéieren, da staunt een net schlecht, wann een dat zesummenzielt, wat op de leschte Säite vum Budget steet, an et waren déi Chifferen, déi ech zur Verfügung hat, an deenen dräi Haaptinvestitionsfongen, da fënt een eraus, datt nach eemol de Wäert vun 2,5 Milliarden Euro bei dat dobäi kënnt, wat mer elo schonn haut hunn. Dat heescht, op Grond vun deene Fongen, verduebele sech déi staatlech Immobilien.

Dat ass awer net eleng dat, wat dem Stat op de Budget dréckt, et sinn och nach eng Partie aner Gebailechkeeten, zum Beispill déi, déi iwwert d'Loi de garantie financéiert ginn, déi och eng Kéier an de Patrimoine vum Stat zrëckfallen. Hei war et méi schwéier genau eraus ze fannen, wéi dee Chiffer ass, mä et schéngt mer awer e Minimum ze si vun nach eng Kéier 1,4 Milliarden u Wäert vu Gebaier, déi dobäi kommen. Zielt een dann nach déi Gebaier dobäi, déi iwwert d'Etablissement publics gebaut ginn, wou ech natierlech de Chiffer net konnt erausfannen, mä ech hunn an iergendengem Dokument konnten noliessen, dass eleng déi Projeten, déi an de Friches industrielles solle gebaut ginn, sech op eng Héicht vun 1,7 Milliarden nach emol chiffrieren.

Dat sinn elo a sech keng genau Chifferen - et geet och net op deen een oder deen aneren Euro un -, well een déi einfach net huet, dat géif och ze wäit féieren, fir dat dann erëm genau ze analyséieren. Mä ëmmerhi weist et drop hin, datt de Patrimoine immobilier op

Grond vun deenen Donnéeën, déi ech hei hunn, sech an deenen nächste Joren op mannst bis an dat nächst Jorzéngt era wäert verdräifachen. Wat dat vu Käscht mat sech bréngt, dat ka jo jidderree sech virstellen, Käscht u Personal, Fonctionnementskäscht, mä awer och Entretienkäscht, déi ech da wëll an deem Rapport hei méi genau analyséieren.

Den Entretien geet eigentlech scho beim Bauen un, an hei géllt dann dat Wuert „mieux vaut prévenir que guérir“. Dat heescht, bei der Wiel vum Material soll ee selbstverständlech net nëmmen no der Ästhetik kucken, och wann dat wichteg ass, mä virun allem kucken ob déi Materialien, déi mer huelen, emol fir d'éischt déi sanitär Garantië ginn, déi mer brauchen. Dat ass wichteg weinst den Nofolgekäschten, awer och wichteg virun allem fir déi Leit, déi an deene Gebaier schaffen. An den Asbest dierft jo jidderengem e Begrëff sinn, wat dat heescht an un Nofolgekäschte bedeit. Déi Materialie sollen och esou sinn, datt se déi natierlech Ressourcen esou wäit wéi méiglech schounen, well mer jo wëssen, dass déi och begrenztt sinn. Mä virun allem sollen d'Materialië laangliedweg sinn an esou mann wéi méiglech Entretien generéieren.

Déi nei Gebaier, déi gebaut ginn, solle selbstverständlech och de leschten energetesche Kritären entsprechen um Niveau vun der Isolatioun, dem Hëtzen, der Klimatisatioun, der Ventilatioun, de Pompelen, déi agesat ginn, awer och der Belichtung.

Ech mengen, eleng d'Tatsaach, datt mer no der Energie kucken an nom Choix vun de Materialien, mécht et méiglech, datt d'Konzep-tioun vun engem Gebai nohalteg ka sinn a e Modellbeispill si vun nohalteger Entwécklung.

D'Tatsaach, datt d'Bâtiments publics sech haut schonn zu engem groussen Deel op d'Kritäre vun engem ekologesche Leitfade baséieren, mengen ech, weist datt mer do awer déi richteg Richtung ageschloen hunn.

Obscho mer en öffentleche Patrimoine hunn, deen nach net esou al ass, muss een awer, wann ee genee hikuckt, feststellen, datt leider hei den Entretien net an deem Ausmooss gemaach ginn ass, wéi mer eis dat hätte kënne wënschen, mä dat ass jo souwiso ze spéit.

Wann een awer weess, datt de Patrimoine, dee mer haut hunn, sech verdräifache wäert, da mengen ech, muss een awer kucken, datt ee sech an Zukunft Kreditter reservéiert, fir den Entretien esou ze maachen, datt déi Gebaier, déi mer haut bauen, op engem héijen Niveau kënne gehale ginn.

D'Tableaux a mengem Rapport weisen drop hin, datt d'Schéier tëschent dem Entretien an den neien Investitiounen, awer och Investitiounen, déi geholl gi fir d'Gebaier erëm op e gewëssenen Niveau ze setzen, ganz séier aus-ernee ginn. An deem Sënn muss mer dat fir d'Zukunft änneren. Maache mer dat net, da müssen

déi Generatiounen, déi no eis kommen, déi Käscht iwwerhuelen a vill méi grouss, a vill méi important Interventiounen finanzéieren, déi dann net méi wäerten an den ordinären Dépensen erëm ze fanne sinn, mä dann alt erëm eng Kéier an d'Investitionsfongen erandrücken, an dat mengen ech, wier net richteg geschafft.

An datt een den Entretien verbessere soll a kann, huet eng gemeinsam Recherche vum Centre de Recherche Public Henri Tudor an de Bâtiments publics gewisen, Recherche, déi sinn zum Schluss koom, datt een dat a sech kann iwwert den Entretien préventif maachen, also e vorbeugenden Ennerhalt, deen dora besteet, an enger globaler Démarche vun der Gestiou vum Patrimoine immobilier, eng Démarche, déi all ufalend Aarbechten op allen Ouvrages an Equipement opdeckt, an déi zum Ziel huet, e bessere Fonctionnement ënnert de rentabelste Konditiounen ze errechen. Virun allem awer soll den Entretien préventif évitéieren, datt allerkleinst Mängel zu schlimmsten Désordre kënne féieren.

Nun, wat sinn d'Objektiver, déi ee mat engem Entretien préventif verfollegt? Ma éischtens, d'Liewensdauer vun de Gebaier eropsetzen, zweetens d'Qualitéit vum Fonctionnement verbessern, d'Zefriddenheet vun de Leit, déi dra muse schaffen, erfüllen, d'Investitioun laangfristeg schützen fir do-duerch Gewënner à long terme ze maachen. Dat ass natierlech méi séier gesot, wéi gemaach. A fir dat ze maachen, muss een den öffentleche Besëtz kënne gëieren, andeem datt een emol all Elementer iwwert d'Gebaier ophëlt a répertoriéiert, dëst duerch regelméisse Kontrollen, andeem datt een den Zoustand vum Gebai évaluéiert an d'Exigence ent-wéckelt, fir se ze ennerhalen, an andeem ee sech d'Leitlinne gëtt iwwert déi Dépenses, déi prioritär musse getäteg ginn. Esou e System géif et engem erlaben, den Entretien „just in time“ ze maachen.

Déi rapid Entwécklung vum den neien Informatiounstechnologien erlaben et dëser Iddi nozekommen an esou éierbar ze plangen, an dann och déi néideg Kreditter dofir ze reservéieren. Wat dat awer fir d'Finanze bedeit ass evident, an ech mengen, datt déi Analys, déi ech hei gemaach hunn, just dorobber erausleeft, fir datt mir an Zukunft déi néideg Kreditter halen, fir déi nei Gebailechkeete muer kënnen ze ennerhalen, déi mer haut bauen.

Well den Entretien préventif och laangfristeg gekuckt gëtt, ass de Financement vum Entretien net nëmmen net héich genuch, mä och net flexibel genuch an deem Sënn, datt den Entretien iwwert den ordinäre Budget financéiert gëtt. Dëst entsprécht awer net der Iddi vun engem Entretien préventif, deen eng méi grouss Flexibilität brauch, well en op enger pluriannueller Organisatioun baséiert. Eng pluriannuell Organisatioun vun den Ennerhaltsaarbechten kann och nëmme pluriannuell exekutiert ginn an erstreckt sech

dofir och iwwer e puer Budgets-exercicen. An deem Sënn wier et erstriewenswäert, datt déi Kreditter, déi ee brauch fir den Entretien, d'Remise en état, d'Conformisatioun, d'Sécurisatioun vun de Gebaier, iwwer e Fong géife getäteg ginn, wat engem eben eng méi grouss Flexibilität géif ginn, e Fong, dee wéi déi aner Fonge géif alljährlech gespeist ginn.

Esou kënnt ee sech en Investitionsfong fir den Entretien préventif virstellen, deen et géif erlaben, d'Kreditter ëmmer dann zur Verfügung ze hunn, wann den Entretien néideg ass. Den noutwendegen Entretien wier dann net méi a Fro gestallt, well keng Kreditter do sinn. Den Know-how, fir esou e vorbeugenden Entretien ze maachen, ass ginn. Dësen ass vun de Bâtiments publics zesumme mat dem Centre de Recherche Public Henri Tudor entwéckelt ginn. Hinne kann een nëmme fir hir Aarbecht félicitéieren. Un eis läit et, déi néideg Kreditter am Budget virzegesinn an de Financement esou ze gestalten, datt déi Viraarbecht, déi gemaach ginn ass, sech och an d'Praxis ëmsetze léisst.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif zum Schluss kommen, a soen, datt d'Konklusioun, déi mer mussen zéien, déi ass, datt Lëtzebuerg a sech keng Insel ass. Vill Lëtzebuerger oder vill Leit hunn an der Vergaangenheet ganz sécher gemengt, dat géif ëmmer esou virugoen oder weidergoen.

Eng wichteg Léier, déi mer hofentlech alleguer aus dëser Situation gezunn hunn, ass, datt mer eis ëmmer erëm mussen a Fro stellen, datt mer och eis Errungenschaften, eis Acquisen, wéi mer dat esou schéin nennen, ëmmer erëm mussen a Fro stellen an ëmmer erëm nei mussen all Dag derfir kämpfen an all Dag derfir schaffen.

Mir dierfen elo och net de Feeler maachen, einfach an ee blannen Aktivismus ze verfalen. Ouni wëllen d'Situatioun erof ze spillen, gëtt et dach awer positiv Elementer.

Eist Land an eis Economie sinn héich kompetitiv. Et gi positiv Unzeeche vun enger Reprise. Et gi positiv Unzeechen, datt de Ralentissement vun der Economie an Europa net laangfristeg ass. Trotzdeem muss mer virsichteg bleiwen an eis op all Eventualitéit astellen, besonnesch awer muss mer weiderfueren, d'Land optimal op seng Zukunft virzebereeden, an dat nom Prinzip vun der Nohaltegkeet. Da sinn ech sécher, dass mir mat vill Schwonk an Drift erëm eng Kéier gudden Zäiten oder nach besseren Zäiten entgéint ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech un d'Redaktioun vum Rapport iwwert dat wichtegst Gesetz vum Joer setzt, an dat besonnesch ënnert deene Prämissen, déi ech elo just hei ervirgestrach hunn, dann ass et kloer, dass een déi Aarbecht, déi mat vill Responsabilitéit verbonnen ass, net eleng bewältege kann. Ech wëll dofir deene Leit merci

soen, déi mer mat vill Asaz zur Säit stoungen. Dat ass un éischter Stell de ganze Staff aus dem Fraktiounssekretariat, deen et erméiglecht huet, datt de Fraktiounssekretär, den Dan Theisen, an d'Mataarbechter aus der Fraktioun, d'Marguy Kohnen an de Jean Lammar, sech intensiv mat dësem Rapport ausenansetse konnten. Ech wëll och dofir eisem Fraktiouns-president, dem Jean-Paul Rippinger, merci soe fir seng Ennerstëtzung...

(Interruptions)

...a fir all déi Moyenen, déi e mir zur Verfügung gestallt huet, fir ee méi schaarft a kloert Bild vun deem wirtschaftlechen a soziale Kontext ze kréien, an dee sech de Budget 2003 aschreift.

Et hëlleft sech mat deenen ze konzertéieren, déi alldéeglech de Bols vun eisem Land spieren. Ech wëll dofir de Beruffschamberen och ee grouse Merci aussprechen, déi, wéi all Joer, duerch eng schrëftlech Contributioun hir Analys vun der Situatioun gemaach hunn an déi se och nach eng Kéier a ganz interessante Gespréicher duergeluegt hunn.

An deem Merci sinn natierlech och all Organisatiounen aus dem Finanzsecteur mat abegraff. Dee Merci géllt awer och dem Budgetsminister an all deene Leit aus de Ministère an de Verwaltungen, mat deenen ech genau esou interessant wéi konstruktiv Gespréicher hat. Besonnesch wëll ech hei déi gutt Collaboratioun mat der IGF, der Inspection Générale des Finances, de Bâtiments publics an de Ponts et Chaussées ervirsträichen, ouni, wat mäi Kapitel iwwert de Patrimoine immobilier de l'Etat ubelaangt, d'Mataarbechter aus dem Centre Henri Tudor ze vergiesen.

Last but not least wëll ech menge Kolleegen aus der Finanzkommission, virop hirem President, fir dee Spillraum, dee se mer bei der Redaktioun vun dësem Rapport gelooss hunn, merci soen. Ee grouse Merci géllt och dem Kommissionssekretär Benoît Reiter, dee mat vill Gedold de Puzzle vum Budgetsrapport zesummege-sat huet.

A fir dann elo wierklech zum Schluss ze kommen, wëll ech deenen anere Kommissiounen aus der Chamber och merci soe fir déi schrëftlech Avisen, déi si zu dësem Budget geschriwwen hunn, an lech all géif ech merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Rapporteur, dem Här Emile Calmes.

Mar um halwer dräi héiere mer dem Här Statsminister Jean-Claude Juncker an dem Här Budgetsminister Luc Frieden hiren Exposé iwwert de Statshaushalt vum Joer 2003.

Domat wier d'Sitzung opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.26 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un